ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 11 Mee 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

An Däitschland ass Janssen, den Impfstoff vun Johnson & Johnson, net méi als vollstänneg Impfung unerkannt a muss mat enger zweeter mRNA-Impfung komplettéiert ginn. Dat ass ënnert dem Datum vum 3. Mee 2022 nozeliesen op „infektionsschutz.de". Duerfir hunn ech dës Froen un d'Madamm Gesondheetsminister:

1. Gëtt et zu Lëtzebuerg nach d'Méiglechkeet, just mat enger Dos Janssen geimpft ze ginn a gëllt dat hei nach als komplett Impfung?
2. Ass den Impfpass vu Leit, déi mat Janssen geimpft gi sinn an déi keng zousätzlech Impfung mat engem mRNA-Stoff kritt hunn, nach europawäit gëlteg?
3. Am Kontext vum Impfpass fënnt een op infektionsschutz.de eng weider kriddeleg Fro: Ass et richteg, datt dësen an EU-Länner, déi eng Opfrëschungsimpfung fuerderen net méi unerkannt gëtt? Wat, wann aner Länner net vun der Noutwennegkeet vun enger weiderer Opfrëschungsimpfung iwwerzeegt sinn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten